N°
Entrée le 11.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 12te Mäerz 2024 wéilt ech dem Minister fir Ëffentlechen Déngscht eng mëndlech Fro stellen.

Den 11te Mäerz huet d'CGFP matdeele gelooss, dass d'Conciliatiounsprozedur mat der Regierung zum Bewäertungsystem gescheitert ass. Laut dem leschte Gehälteraccord sollt de Bewäertungsystem beim Staat ofgeschaft ginn, an der Arméi ass en mam neien Arméisgesetz lescht Joer awer nees agefouert ginn. D'CGFP huet matdeele gelooss, dass si wéillten zäitno beim Verwaltungsgeriicht Plainten erareechen wëllen an si hu Protester ugekënnegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Firwat ass an den Aen vun de Regierung hei keng Léisung fonnt ginn?
Wäert d'Regierung no dem Echec vun der Conciliatiounsprozedur op der CGFP hir Fuerderungen nom Respekt vum Gehälteraccord nokommen?
Wëll d'Regierung sech awer nach aussergeriichtlech eenegen oder wäert si, am Fall vu Plainten, den Dossier just nach viru Gericht ugoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten